# MÄERCHESTONN DEEL II



**7. Eng Fra déi kee Broschtopbau wënscht, wëll e Mann sinn**
Falsch, eng Fra déi kee Broschtopbau wëll, ass no hirer Mastektomie kee Mann. Am Géigendeel, vill Frae liewe vill méi kierperbewosst an erfannen sech als Fra nei, z. B. duerch eng Ännerung vun hirem Kleederstil oder duerch en Narbentattoo.

**8. No enger Mastektomie muss eng Fra keng weider Behandlunge maachen**
Falsch, et gi verschidden d'Zorte Broschtkriibs. Och no enger Mastektomie muss e Folgetrãtement gemaach ginn! An engem multidisziplinären Team gëtt e Behandlungsplang ausgeschafft an der Patientin virgeschloen. Dësen Traitement soll e Rezediv oder d'Neibildung vun Tumore verhënneren an ass strikt anzehalen.

# MÄERCHESTONN



**9. Wann eng Fra keng Brëscht méi huet, leeft hire Partner fort oder si fënnt keen neie Partner**
Falsch, genee wéi Frae fir hir Partner astinn, wann se krank ginn, sti Männer hire Partnerinnen zur Säit wann si eng Broschtkriibserkrankung duerchstinn. Et ass kloer datt net all Mënsch sattelfest ass fir sou eng Bewärungsprouf duerchzestoen. Dëst gëllt fir de Broschtkriibs genee wéi fir aner tragesch Momenter déi eng Koppel erliewe kann.
Et ginn och Männer déi Broschtkriibs kréien a genee sou behandelt gi wéi Fraen.

**10. No enger Mastektomie kann eng Fra keng schéi Kleeder méi undinn**
Falsch, mat e bësselche Geschéck kann eng Fra hir fréier Garderobe behalen.
Eng Silhouette kann ee mat verschiddenste Protheesen, fir an de Soutien ze leeën, hierstellen. Et ginn immens vill Méiglechkeeten fir d'Garderobe unzepassen, ob ee lo eng Prothees undeet oder net. Et kann e befreiend Gefill sinn, fir flach ze liewen. Beim Sport, beim Lafen a Reiden ass e guer net behënnert. Et muss e keng Prothees undinn, wann een dat net wëllt.

# MÄERCHESTONN



**11. Eng Mastektomie garantéiert en tumorfräit Liewen an e méi laangt Iwwerliewen no enger Broschtkriibserkrankung**
Falsch, bei verschiddenen Tumoren, déi ganz fréi entdeckt ginn, kann eng Mastektomie munchmol verhënneren datt eng Patientin eng Radiotherapie muss kréien. Bei enger duebeler Mastektomie kann natierlech kee Kriibs méi a Broschttissu kommen.
Leider kënnen a rare Fäll duerno Tumoren an d'Toraxwand oder an d'Mastektomienarbe kommen.
Aktuelle Fuerschungsresultater no ass eng Mastektomie keng Garantie fir en tumorfräit Liewen oder en allgemengt méi laangt Iwwerliewen no enger Broschtkriibserkrankung.

**12. Eng Mastektomie mat engem schéinen, flaache Verschloss gëtt net vun der Krankekeess bezuelt**
Richteg, eng Mastektomie ouni Broschtopbau mat Volume gëtt (nach) net vun der Krankekeess bezuelt.
Dës Operatioun gëtt als Schéinheetsoperatioun agestuuft. Am Géigesatz dovun, ginn all Operatiounen déi e Broscht ähnleche Volume modelléieren vun der Krankekeess als noutwenneg Folgebehandlung vum Broschtkriibs ugesinn a bal ganz rembourséiert.